ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Et kënnt dacks vir, datt obwuel e Stroossechantier de facto fäerdeg ass, d.h., datt all déi néideg Aarbechte gemaach goufen, an awer d'Schëlter (z.B. fir am Zesummenhang mam Chantier op eng temporär Vitesslimitatioun hinzeweisen) nach laang op dëser Plaz stoe bleiwen, déi deen Ament eigentlech iwwerflësseg sinn. Dëst féier dacks zu frustrante Situatioune bei den Automobilisten, well dës onnéidegerweis hir Vitess reduzéiere mussen a sech den Trajet doduerch verzögert, respektiv, et zum Entstoe vun engem Verkéiersstau kënnt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass den Här Minister sech där uewe genannter Problematik bewosst an, wa jo, wéi gedenkt hien ze reagéieren, fir esou onglécklech Verkéierssituatiounen an Zukunft ze vermeiden?
2. Wien ass zoustänneg fir d'Koordinatioun vun de Verkéierschantieren? Bestinn hei eventuell Mëssstänn beim Koordinéiere vun de Kompetenzen, esou datt Verkéiersschëlter onnéideg laang stoe bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen

Deputéierten